www.acfl.lu 5, Avenue Marie-Thérèse L-2132 Luxembourg

Action Catholique des Femmes du Luxembourg

# Marienland

Zäitschrëft fir d'Membere vun der Katholescher Fraenaktioun

03 2020




- Wuert vun der Presidentin
- Interview mam Marie-Christine Ries
- Literaturkaffi – E Fraeliewen am 19. Joerhonnert
- Unsere Umwelt geht uns alle an – Entsorgung von Schadstoffverpackungen
- Mains de maîtres – Sonja Bordez
- Solidaritätsaktion 2019-2021 – „Wëllkomm – Betreiung a Fréiférderung vu Kanner mat Beanträchtigung am Senegal“


Opgepasst: D'Wuert vun der Presidentin an d'wichteg Matdeelungen aus der Zentral liesen!

# Communication de la présidente nationale

## *Chères membres des Fraen a Mammen,*

J'espère que vous vous portez bien en ce temps un peu plus compliqué que d'ordinaire.

Permettez aussi que je profite de la possibilité de vous informer franchement de la **situation financière de l'ACFL, en toute clarté et transparence**.

Après une entrevue avec Leo Wagener et Patrick Muller, du vicariat général de l'Archidiocèse, nous avons constaté ensemble la situation financière dramatique de l'ACFL.

**Nous n'avons plus de véritable choix !** Avec notre déficit annuel de plus de 30.000 €, et cela déjà depuis plusieurs années, il nous reste la perspective d'arriver au bout de nos réserves en 4 ans et de devoir déclarer alors la « faillite » !

Je suis d'avis que vous toutes, vous ne voudriez pas accepter cela d'un cœur léger.

Il est vrai que les temps ont changé. Depuis la loi sur la séparation entre l'Église et l'État, l'ACFL n'a plus bénéficié d'un quelconque subside.

En plus, comme c'est le cas de toutes les associations de bénévoles, le nombre des membres a sensiblement diminué.

Mais, les prix et les frais augmentent, en conséquence **il nous faut augmenter la cotisation de membre de 10 € à 15 €**. Prenez bien note, c'est l'équivalent de deux tasses de café par an. Je suis convaincue que le mouvement de l'ACFL avec toutes ses équipes locales vous tient à cœur, à chacune de vous.

Cette augmentation annuelle est une première mesure d'un « package » de changements structurels, que nous désirons mettre en œuvre au sein du conseil d'administration, en collaboration avec vous tous.

Je me réjouis de toute contribution constructive, de toute idée, réflexion, proposition ou soutien, que vous voudrez bien adresser au bureau de l'ACFL à la nouvelle adresse e-mail de la présidente nationale: presidentin@acfl.lu

Toutes et tous ensemble, nous pourrons réussir. Chacune doit assumer sa propre responsabilité. Mais ce défi renforcera certainement notre vision commune et la cohésion de notre mouvement.

8 000 membres au sein de l'ACFL, c'est le plus grand mouvement de femmes au Luxembourg, et nous en sommes fières. Moi-même je suis reconnaissante de pouvoir être à la tête de ce mouvement de femmes engagées et fortes.

Un changement s'impose aussi pour notre assemblée générale se tiendra en septembre/octobre, vu que l'année bilan de l'ACFL se situe entre le 1er septembre et le 31 août. Ce sera en 2020 le 10 octobre, jour de la commémoration du Votum solemne. Vous aurez des détails plus tard, car les restrictions à cause du Covid 19 ne nous permettent pas encore de planifier en ce moment.

Pendant la messe de l'Octave 2020, à laquelle j'ai pu assister au nom de vous toutes, j'ai surtout pensé à notre mouvement et aux innombrables membres qui ne cessent de s'engager au nom de leur foi en Dieu et de l'amour du prochain.

Acceptez un grand merci de ma part, passez un bel été, et, avant tout, restez en bonne santé.

***Linda Hartmann***



# D'Wuert vun der Nationalpresidentin

***Léif Fraen a Mammen,***



ech hoffen et geet Iech alleguer gutt an dëser dach net esou einfacher Zäit.

Erlaabt mer Iech mat dësem Schreiwe **Kloerheet an Transparenz iwwert déi finanziell Situatioun vun der ACFL** matzedeelen.

No engem Gespréich mat den Häre Leo Wagener a Patrick Muller, ass et hinnen an eis nach méi kloer ginn, wéi dramatesch d´Situatioun ass.

**Mir hu keng Wiel méi!** Mat engem Defizit vun iwwer 30.000 € pro Joer, an dat schonn eng ganz Rei vu Joren, si mir a 4 Joer um Enn vun eise Reserven ukomm a da si mir „faillite"!

Ech mengen dat ka kengem vun eis alleguer gefalen.

D´Zäiten hu sech geännert. Zënter der Trennung vu Kierch a Staat, kréie mir keng Subside méi.

Wéi bei all Veräin, huet och bei eis d´Zuel vun de Memberen drastesch ofgeholl.

Alles ass méi deier ginn a **mir musse virschloen** eis Memberskaart **vun 10 € op 15 €** pro Joer ze erhéijen. **Dat wären 2 Taasse Kaffi am Joer, an ech gleewe fest, dass eise Mouvement jidderengem vun eis dat wäert ass.**

Dat wär mol eng éischt Moossnam vun engem ganze Package vu strukturellen Ännerungen, déi mir als Conseil an an Zesummenaarbecht mat Iech alleguer mussen opstellen.

Ech freeë mech iwwer eis konstruktiv Zesummenaarbecht, iwwer all Iddi, Iwwerleeung, Propose, Ënnerstëtzung, déi dir op der neier E-mail-adress vun der Presidentin an der Zentral kennt ofginn: presidentin@acfl.lu

**Zesumme kann eis dat geléngen. Et ass elo Eegeverantwortung gefrot!** Esou eng Erausfuerderung stäerkt ganz bestëmmt eis gemeinsam Visioun an d´Zesummenhale vun dem ganze Mouvement.

**Mir si** mat 8.000 Memberen **déi gréisste Fraenorganisatioun zu Lëtzebuerg** wourop mir alleguer **houfreg kenne sinn**. Ech jiddefalls sinn dankbar Presidentin vun esou ville staarke Fraen däerfen ze sinn.

Eng Ännerung wäert et och bei der Generalversammlung ginn, déi elo ëmmer am September/Oktober ass. Dat ass méi korrekt, well jo och eist Rechejoer vum 1. September bis den 31. August leeft.

Dëst Joer ass eis Generalversammlung den 10. Oktober, den Dag vum Votum an der Stad. Dir kritt nach Detailer, well mir jo net wëssen, wéi et mat Corona weider geet.

Wärend der Mass an der Oktav, wou ech stellvertriedend fir eis all hunn däerfen derbäi sinn, hunn ech un eise Mouvement geduecht, un déi vill Fraen, déi net midd ginn sech ze engagéieren an am Sënn vun der Nächsteléift ze schaffen.

Mat engem decke Merci wënschen ech Iech e schéine Summer a bleift virun allem gesond.

***Linda Hartmann***



# Impulstexte zum

## Anhalten

Dann und wann
das Tempo verlangsamen,
anhalten,
in Ruhe wahrnehmen,
was um uns ist,
was schützt,
bedroht, erfreut,
fordert, fördert,
uns neu einstellen und ausrichten.

Dann und wann
das Tempo verlangsamen,
anhalten,
sich hinsetzen
und sich setzen lassen,
was sich in uns bewegt.
Unsere Strukturen wahrnehmen,
sehen, was und wie wir sind.

Dann und wann
das Tempo verlangsamen,
anhalten,
aus der Tiefe Bilder aufsteigen lassen,
dankbar sein und sehen,
was sie zeigen wollen,
wohin sie uns weisen.

*Max Feigenwinter*

## Alle Tage

Dankbar bin ich für alle Tage. Alltage. Für Dinge, die bleiben. Dafür, dass ich am Abend zu Bett gehen kann und am Morgen ist die Welt noch so, wie ich sie verlassen habe. Ein Stück So-wie-immer. Vertraut und verlässlich. Versichert und versorgt. Gewohnt und gewollt. Und wenn es auch nur der Kaffee in meiner Lieblingstasse ist, der so schmeckt wie an jedem anderen Tag auch. So reicht das schon für das Gefühl: Hier gehör ich hin, hier darf ich bleiben. Ein großes Glück ist das. Zu Hause.

*Hanna Buiting*

## Rapsfelder

Als sei einmal jemand
durch die Ländereien gestromert
mit übervollen Taschen und
hüpfendem Schritt
und
hätte dabei ein paar Münzen
verloren
Goldstücke
die begannen
Blüten zu tragen
wie Falschgeld
soweit das Auge reicht
und für die man sich doch
nichts kaufen kann.

*Hanna Buiting*

# Innehalten

## Gärtnerglück – Manchmal staunt Gott

Wenn er seinen Blick über die Erde schweifen lässt, begegnen ihm Nadelwälder und Schneewittchenberge, Rapsfelder und Ozeane. Und Menschen. Immer wieder Menschen. Manchmal seufzt Gott dann und schüttelt ein wenig ratlos den Kopf. Nicht alles ist so geworden, wie er sich das einmal erdacht hat.

Damals, als die Erde noch unberührt war. Ein Spielplatz, ein Traumteich, ein Ort, der nur darauf wartete zu erstrahlen. In seiner ganzen Schönheit.

Damals hatte Gott überlegt, was es wohl bräuchte, um diesen Ort zum Blühen zu bringen. Denn Gott war zwar sehr mächtig, doch ihm gefiel die Vorstellung, die Erde mit vielen Samenträgern zu besiedeln, die Wurzeln schlugen, das Gute weitergaben und sich mit ihm gemeinsam am Wachsen der Schöpfung erfreuten. Gott wollte Zukunft säen.

Und so nahm er Tütchen voll Samen, auf denen unterschiedliche Namen standen, goss sich ein paar davon in die Handinnenfläche und streute sie sorgsam und gleichmäßig in duftenden Erdboden überall auf der Welt. Manche Samentütchen trugen die Aufschrift VERSTAND, STÄRKE UND KLUGHEIT, andere hießen WEISHEIT, LIEBE, GLAUBE und VERTRAUEN.

Gott säte und säte, schickte Regentropfen und Sonnenstrahlen und sah der Welt beim Wachsen zu und den Menschen beim Geborenwerden. Einem jeden flüsterte er leise ins Ohr: „Sei, was du bist und gib, was du hast."

Nicht jeder Same hielt, was die Verpackung versprochen hatte. Manche verkümmerten oder entdeckten nie ihre eigentliche Begabung. Doch viele Menschen erfüllten auch Gottes Schöpfungsplan. Sie liebten einander, gaben kluge Ratschläge oder schützten sich gegenseitig vor Gefahren. Nicht selten erhob jemand die Hände zum Himmel und bewegte die Lippen zum Gebet. Dann nickte Gott ihm zu und erinnerte ihn an die Gabe, die er ihm mitgegeben hatte: Vertrauen.

Ein anderer versuchte Gott zu widerlegen, sein bester Freund war die Wissenschaft. Doch auch das ließ Gott geschehen. Wichtig war ihm nur, dass der Mensch keine Angst hatte.

Manche stellten Gott Fragen, schrien zu ihm empor, forderten ihn heraus: „Zeig dich doch, zeig dich!" und Gott ließ Wunder geschehen. Große und kleine – man musste sie nur entdecken.

Wenn Gott heute seinen Blick über die Erde schweifen lässt, begegnen ihm Menschen. Viele, viele Menschen. Manchmal schüttelt er den Kopf und fragt sich, was er beim säen bloß falsch gemacht hat. Doch immer wieder gibt es auch Momente, da staunt Gott. Weil ihm ein Kind begegnet und Gott plötzlich denkt: „Hach, das kenn ich doch!" Weil er einen Funken seiner selbst in ihm erkennt. Wertvoll, kostbar und zum Blühen bereit.

Dann staunt Gott und freut sich.

*Hanna Buiting*

# Interview mam Marie-

***Jidderee kennt d'Marie-Christine Ries, ma sot eis Ären offiziellen Titel a beschreift kuerz Är Aufgab an der lëtzebuerger kathoulescher Kierch.***



Bonjour alleguer!

No villen a schéine Jore vu Schaffen a verschiddene Paren, respektiv Parverbänn, schaffen ech elo am Service de Pastorale, Responsabel fir de Beräich Diakonie, a Verantwortlech fir den diözesane Flüchtlingsprojet „Reech eng Hand".

Zanter 2011 sinn ech Member vum Bëschofsrot, bëschöflech Delegéiert fir di haaptamtlech Laien, fir d'Koordinatioun vum sozio-pastorale Beräich, fir Migratioun a Flüchtlingen.

Houfreg sinn ech, datt ech 3 mol Member vun der diözesaner Kommissioun ‚Fra an der Kierch' war, well d'Frae sinn a bleiwe fir mech, eng Prioritéit an der Gesellschaft wéi an der Kierch.

Meng Aarbecht ass meng Beruffung, ech hunn d'Freed mat vill verschiddene Mënschen ze schaffen a mäi Glawen ze deelen.

Mäi Beruff ass ëmmer nach Pastoralreferentin: mat Mënschen ënnerwee si fir de Glawen an d'Liewen ze deelen.

***Eisen Äerzbëschof ass ganz houfreg drop, dass hien 3 Fraen (vu 6 Memberen) am Bëschofsrot huet. Wat huet de Bëschofsrot eigentlech ze soen, a gëtt op dat gelauschtert, wat Dir sot?***

Den Äerzbëschof huet 15 Mënschen an de Bëschofsrot beruff, dovunner 5 Fraen, an 3 vun hinnen, d'Sr Danièle Faltz, d'Renée Schmit an ech selwer si bëschöflech Delegéiert.

De Bëschofsrot beréit de Bëschof, zu Themen a Froen, déi gemeinsam besprach an diskutéiert ginn. Jidderengem seng Stëmm gëtt gelauschtert. Datt Fraen a Männer am Bëschofsrot genannt sinn, ass en Zeechen, datt Frae wéi Männer Verantwortung fir d'Kierch droen.

Datt den Äerzbëschof mech zur bëschöflecher Delegéiert ernannt huet ass fir mech Freed an Erausfuerderung. Et ass méi einfach an deene Beräicher wou ech genannt sinn, Kommunikatioun an Zesummeschaffen ze fërderen, Brécke bauen ass mir ganz wichteg.

***Beschreift eis kuerz déi verschidde Beräicher wou Dir am Bistum schafft.***

Duerch meng Ernennung an de Bischofsrot hunn ech eng ganz nei „Welt" entdeckt, déi vun der institutionaliséierter chrëschtlecher Sozialaarbecht. Ech hunn no an no déi Institutioune vu banne kennegeléiert, an eng räich an héich kompetent Sozialaarbecht gesinn, déi sech op chrëschtlech Wäerter bezitt. Ech si Member an de Conseile vun Arcus, der Caritas, Elisabeth, Cécile Ginter an der Confédératioun Caritas. Do hunn ech vill geléiert a léieren ëmmer nach bäi.

Ech si stolz op eis Fraenuerden, déi Virreiderinnen an der sozialer Aarbecht hei zu Lëtzebuerg waren, an hir sozial Wierker op zolidd Féiss gestalt hunn.

De Service de pastorale ass mäin Alldag. Dat ass fir d'éischt emol d'Schaffen an engem gudden Team, wou offenen Austausch, Dreemen an och Enttäuschunge matenee kënne gedeelt ginn.

Am Beräich Diakonie, ass et ënner anerem de Projet „Caritas a Paren". Datt do en Austausch geschitt, fir esou zesummen de Beräich Diakonie an de Paren opzebauen an ze stäerken. Diakonie ass a bleift fir mech eng Erausfuerderung: wann eise Glawen net Hänn a Féiss kritt, dann ass et schwéier ze weisen, wat d'Evangelium bedeit. Eng Suerg ass fir de Manktem vu bezuelbarem Wunnraum hei zu Lëtzebuerg. Wann ech di vill Mënsche gesinn, déi eng bezuelbar Wunneng sichen, oder a wat fir schlechte Bedingunge Mënsche wunnen, da spieren ech mech ohnmächteg virun dësem Mëssstand. Ee Gléck, datt och d'Kierch a chrëschtlech Associatiounen hei aktiv sinn.

Di aktuell Situatioun, mat der „forcéierter" Isolatioun duerch de Covid 19, huet eis als Kierch jo och nach eng Kéier opgerëselt. Fir wien a firwat si mir als Kierch do? Ech sinn immens frou, datt mir de Projet Telefonseelsorge an d'Liewe geruff hunn. Chrëschtinnen a Chrëschte sinn do fir anerer, lauschteren no, biede mateneen.

Dann ass et de Beräich vun den haaptamtleche Laien, deen am Moment leider vill ze kuerz kënnt. Di Verbonnenheet ass wichteg ënnerteneen: Austausch, sech stäipen, zesumme Projete sichen.

***An dann ass jo nach de Projet Reech eng Hand.***

Reech eng Hand ass am Fréijoer 2015 duerch eisen Här Äerzbëschof gegrënnt ginn. Mir sinn en Team vu 4 Leit, déi all stonneweis um Projet schaffen.

Wéi mir gestart sinn, hu mir eng grouss Generositéit bei ville Mënschen erlieft, fir mat Mënschen, déi als Flüchtlingen op Lëtzebuerg komm sinn, ze schaffen. An enger Rei Paren, sinn esou lokal Gruppen entstanen. Dës Gruppen, déi mat vill Kreativitéit an Ausdauer, mat de Mënschen, déi als Flüchtling komm sinn, Weeër zur Integratioun bereeden.

All Grupp funktionéiert op seng Manéier, mir tausche vun Zäit zu Zäit aus a bidden op Wonsch Formatiounen un. Reech eng Hand schafft och hei vill mat der Caritas zesummen.

Reech eng Hand ass och Uspriechpartner fir reliéis Froe vu Flüchtlingen. Op Chrëscht oder Muslim oder Bahai, de Glawen ass fir si immens wichteg.

Am Advent 2018 hu mer de Projet Familljenzesummeféierung lancéiert an hu vill Hëllef hei kritt. D'Freed ze gesinn, wann eng Famill no Joren nees beieneen ass a wéi dann Integratioun op eemol méi einfach geet.

Ech hunn en héije Respekt virun deem wat dës Mënschen erlieft hunn a wéi se mat Courage viru ginn, grad och d'Fraen.

Am Moment këmmere mir eis reegelméisseg ëm di 2 Familljen, déi mir als Kierch opgeholl hunn. Et ass eng schéin Erfarung, am Alldag ze gesinn, wéi Mënschen sech entwéckelen, wann se sech a Sécherheet wëssen.

Reech eng Hand ass säit e puer Joer Member vum Lëtzebuerger Flüchtlingsrot, hei geschitt méi eng politesch Aarbecht.

***D'Diskussioun iwwert d'Plaz vun de Fraen an der kathoulescher Kierch hei am Land an an der ganzer Kierch schéngt***

***heiansdo net vun der Plaz ze kommen. Hutt Dir nimools d'Flemm, dass et net weider geet, a wat géift Dir deene Frae roden, déi déiselwecht verzweiwelt Gedanken hunn?***

Fra an der Kierch, ass en Thema, dat mir ëmmer wichteg war, a fir dat ech mech mat Fraen a Männer an der Kierch engagéieren. Ech ka net gleewen, datt Gott hannert der Diskriminéierung vun de Fraen an der Kierch steet.

Wéi ech domadder ëmginn? Ech gleewen, datt nom Karfreideg a Karsamschdeg Ouschteren kënnt. Och fir d'Unerkennung vun de Charisma a Beruffunge vun de Fraen.

D'Silja Walter, Benediktinerschwëster am Klouschter Fahr (CH), huet geschriwwen „Wir bleiben, weil wir glauben." Där Äntwert wëll ech mech uschléissen. Wann ech erliewen, wéi Fraen an der Kierch vu Verantwortungen ausgeschloss ginn, well se Frae sinn, dann iergert mech dat well dat ass diskriminéierend. Mee ech weess och, datt d'Kierch nëmme vu banne ka reforméiert ginn. Och dofir bleiwen ech.

Jo, ech hu munchmol d'Flemm. Da brauch ech d'Solidaritéit ënner Chrëschtinnen a Chrëschten, et brauch gemeinsaamt Feieren an Deelen vum Glawen. An ech hunn d'Chance dat ze erliewen.

Wat ech anere Frae roden: Sicht iech Matchrëschtinnen a Matchrëschte mat deenen dir de Glawen zesumme feiere kënnt, an och austausche kënnt. Sicht Verbonnenheet, mat Gemeinschaften, déi um selwechte Wee sinn. Perséinlech ass mir d'Klouschter vun de Benediktinerinnen zu Fahr an der Schwäiz, säit hirem Gebet am Donnerstag, ganz no. (www.kloster-fahr.ch). A loosst net alles mat iech gewäerden.

***Wéi ass et mat der Fraekommissioun vun der kathoulescher Kierch? Déi al Kommissioun war jo bis de September aktiv. Wéini gëtt déi nei Kommissioun genannt?***

Di lescht Kommissioun „Fra an der Kierch" huet dem Här Äerzbëschof an dem Generalvikar eng iwwerschaffte Versioun vun de Statute virgeluecht. Mir waarden hei op di definitiv Äntwert. Zil ass et virun der grousser Vakanz mat der 4. diözesaner Kommissioun „Fra an der Kierch" ze starten.

***Wéi gesitt Dir am Moment d'Plaz vun der Fra an der kathoulescher Kierch am allgemengen?***

Mir gëtt ëmmer méi kloer, datt sou laang d'Amtskierch net bereet ass hiert Fraebild fundamental ze iwwerschaffen, wäert sech näischt änneren. E Fraebild, wat aus enger Zäit kënnt, wou d'Fra als mannerwäerteg wéi de Mann ugesi ginn ass, a keen Zougang zur Bildung hat, ass definitiv iwwerholl.

Vill Fraen hunn der Kierch dowéinst schonns de Réck gedréint. Ech ka se verstoen, och wann dat net mäi Wee ass.

Gefreet huet mech d'Interview mat der Priorin Irene Gassmann aus dem Klouschter Fahr: „Ich denke, die Zeit des Kämpfens ist vorbei. Wir müssen einfach selber initiativ werden. Die Kirche ist zu sehr auf die Eucharistie fixiert. Wenn wir im Kloster Fahr gemeinsam das Evangelium betrachten und mit einer Zeichenhandlung verbinden, berührt und nährt uns das. Es gibt so viele andere Formen, Gott zu erfahren. Im Johannesevangelium beispielsweise die Fußwaschung. Wir müssen freier werden und neue Rituale schaffen. Ich bin dankbar, dass meine Mitschwestern offen sind für Neues." Mat dësen Aussoe kann ech mäi Wee goen.

***Wat erdreemt Dir Iech fir d'Fraen an der kathoulescher Kierch an der Zukunft?***

Datt all Mënsch, déi Beruffung ka liewen, déi Gott him an d'Häerz geluecht huet, onofhängeg dovunner ob Mann oder Fra.

Dat an eise Gemeinschaften, Freed ze spieren ass, well et gutt deet zesummen ze gleewen.

Ech erdreeme mir eng Oktavpriedegerin, besser nach 2 oder 3 oder méi.

Awer och eng grouss Fraesolidaritéit, mat an trotz all eise Verschiddenheeten.

***Wéi eng Reforme muss Ärer Meenung no d'kathoulesch Kierch onbedéngt an nächster Zukunft maachen fir z'iwwerliewen?***

Doriwwer solle mir all zesummen nodenken.

Ech wënsche mir einfach, datt mir nees méi léieren an d'Gespréich mateneen ze kommen, nozelauschteren a net iwwerteneen (a schonns guer net géinteneen) ze schwätzen.

***Wat proposéiert Dir der kathoulescher Kierch ze behalen aus der Corona-Kris?***

Op munche Plazen ass d'Gebiet an d'Feier vum Glawen an der Famill doheem, nees erlieft ginn. Dat ass Liewen, wat eis Feieren an der Kierch beräichert. Ech wënsche mir, datt esou Feiere kënne weider goen.

Dann awer och de Projet vun der Telefonseelsorge. De Projet weiderdenken a plangen.

***Méi privat elo: Wat maacht Dir gär an Ärer Fräizäit, wann där dann nach bleift?***

Ech schaffe mat Freed dobaussen am Gaart. An der Zäit vum ‚Doheem bleiwen' hunn ech méi gekacht, an dat maachen ech gär.

Mat Frënn zesumme sinn. A wann Zäit bleift, Vëlo fueren an e Krimi liesen.

***Wou sinn Är Quellen, wou huelt Dir Äre Courage an Ären Optimismus hier?***

De CVX Grupp zu deem ech gehéieren: hei weess ech mech gedroen, verbonnen am Gebiet an am Liewen. Hei ginn ech och emol opgerëselt.

Dann d'perséinlecht Gebiet an d'Verbonnenheet mat der Gemeinschaft, wou ech de Glawe feieren.

An dann, Famill a Frënn. Op déi kann ech ëmmer zielen.

***Wat sot Dir de Frae vun der ACFL als Message vun dësem Interview?***

Ech ka mir d'Kierch an eise Paren net ouni ACFL virstellen. Dofir „wir müssen selber initiativ werden" sou wéi d'Priorin vu Fahr et gesot huet, an d'Verännerungen, déi ustinn, gestalten.

***Villmools MERCI!***

# E Fraeliewen am 19. Joerhonnert – Deel 1

## Erzielt un Hand vun e puer offiziellen Dokumenter

D'Liewe vun dëser Fra, dat hei erzielt gëtt, gläicht warscheinlech deem vu villen anere Fraen aus hirer Zäit, mat enger Hällewull Aarbecht a Schaffen, mat perséinleche Problemer, mat Familljeproblemer, dacks och mat Aarmut a Struewelen, a sécher och mat der Hoffnung alles ze packen, déi richteg Entscheedungen ze treffen, a virun allem sech net ënnerkréien ze loossen.


Déi Fra, Angela, gouf gebuer am Joer 1824 an Däitschland, an der Eifel, an deem Deel un der Grenz vu Lëtzebuerg dee „preußische Rheinprovinz" genannt ginn ass.[1)] D'preisesch Garnisoun, déi an der Festung Lëtzebuerg vun 1815 bis 1867 stationéiert war, hat en Afloss op dem Angela säi Liewen, an huet et och deelweis matbestëmmt. Esou ongeféier am Alter vu 7 Joer ass d'Angela mat senger Famill vun doheem an der Eifel fortgezunn, an zwar op Lëtzebuerg, an en Duerf no bei der Stad, eng 80 km wäit vu sengem éischten Doheem ewech. D'Famill, dat waren de Papp an d'Mamm mat 4 Kanner, well 2 vun de Geschwëster waren deemools scho gestuerwen. Wat soll da wuel d'Uersaach gewiescht sinn dass d'Famill aus hirer Heemecht fortgezunn ass? Et gëtt e puer plausibel Grënn: d'Mamm war an deem neien Heemechtsduerf zu Lëtzebuerg gebuer, hat hir Kandheet a Jugend do verbruecht, an hat also do vill Famill an och hir Wuerzelen; de Papp war Schneider vu Beruff an huet an der Eifel vläicht net vill Aarbecht fonnt.



Do derbäi kënnt dass de Papp och scho virdrun emol eng Zäitchen zu Lëtzebuerg gelieft hat, an dass hien esouguer zu Lëtzebuerg am Joer 1820 mat der Mamm bestuet gi war. Dee weltlechen Heiratsakt informéiert nëmmen iwwer déi üblech Nimm, Beruffer an Datumer vun de concernéierte Persounen, mee am kierchlechen Heiratsakt gëtt een déi Kéier vill méi gewuer: de Bräitchemann ass „miles prussicus emeritus ante sex hebdomadas Luxemburgi in praesidio auf der Rham" (preiseschen Zaldot deem säin Déngscht eriwwer ass, dee viru 6 Wochen an der Garnisoun zu Lëtzebuerg op der Rhum war) an d'Munnenge sinn ausgeruff ginn an der Parkierch vun der Braut an och an der Parkierch Münster an der Stad Lëtzebuerg, also am Stadgronn zu deem d'Rhum gehéiert huet. De Papp, gebuer am Joer 1797, war also Zaldot an der Festung Lëtzebuerg gewiescht vun eventuell 1817 bis 1820. Bleift nach ze soen dass de Papp seng Ënnerschrëft ënner den Heiratsakt konnt setzen, awer d'Mamm huet nëmmen e Kräiz gemat, si konnt net schreiwen, wéi vill aner Leit déi Zäit och net. Tëscht den Awunner vun der Stad Lëtzebuerg an dem Militär aus der Garnisoun sinn et ëmmer erëm Spannunge ginn, d'Zesummeliewen op enkem Raum an der Festung war jo och net einfach. An trotzdeem sinn et reegelméisseg Mariagen tëscht Zaldoten, Offizéier an Ënneroffizéier vun der Garnisoun mat Lëtzebuerger Meederchер ginn. Déi meescht Zaldote ware vun der Relioun hir Protestanten, si koume warscheinlech och net aus der Rheinprovinz, sou wéi dem Angela säi Papp, dee Katholik war. Als Zaldot war hien och vläicht zouständeg gewiescht an engem Atelier vum Militär fir d'Schneiderei. A warscheinlech huet hien a senger Fräizäit och emol Wanderungen an d'Ëmgéigend vun der Stad gemat an ass do seng spéider Fra begéint. Et ass gewosst dass déi Dierfer ronderëm d'Stad bei deene Stater Leit an och bei der Garnisoun ganz beléift ware fir Ausflich dohin ze maachen. No der Hochzäit ass déi jonk Koppel an d'Eifel gezunn, am Papp säin Heemechtsduerf, wou och schonn no 6 Méint dat 1. Kand op d'Welt koum. Vläicht war dat och d'Ursaach gewiescht dass si vu Lëtzebuerg fortgezu sinn, fir der Schan an dem Duerfgespréich iwwer déi fréizäiteg Gebuert ze entgoen.

*1) D'preußische Rheinprovinz war beim Wiener Kongress 1815 vun den europäesche Staate geschaafe ginn, nodeems de Keeser Napoléon definitiv geschloe war. Mat him ass och déi fréier Andeelung vun eise Géigenden an Departementer verschwonnen. Mat engem Deel vun deer neier Rheinprovinz hat Lëtzebuerg vu 1796 bis 1815 als Wälderdepartement zu Frankräich gehéiert. Um Wiener Kongress ass och den „Deutscher Bund" geschaafe ginn, zu deem eng 34 däitsch Staaten an e puer Stied gehéiert hunn, an dee Bund sollt eng wichteg Roll bei der Sécherheet an Europa spillen. D'Festung vun der Stad Lëtzebuerg ass eng Bundesfestung ginn, a si krut eng preisesch Garnisoun.*

D'Angela hat nach 14 Geschwëster, a vun deene sinn der 5 am Kandsalter gestuerwen. Zréck zu Lëtzebuerg géint Enn vum Joer 1831 huet d'Famill an engem klengen Haus gelieft, dat haut nach existéiert a vun deem een sech ka froen, wéi do 10 Kanner mat den Eltere konnte liewen an och nach mat engem Papp, deen doheem als Schneider geschafft huet, a fir säin Atelier och e bëssche Plaz gebraucht huet. Derniewent huet de Papp et warscheinlech d'selwecht gemat wéi vill aner Handwierksleit, an hien ass och an d'Haiser vu senge Clients schaffe gaangen. Hien huet jo net nëmmen nei Kleeder a Gezei gebutt, mee och Reparature gemat, an deementspriechend net vill Material an och net vill Handwierksgeschier gebraucht. Dat erënnert een, an dat passt och gutt heihin, un dat Lëtzebuerger Spréchwuert „E kënnt do wéi e Schneider", wat heesche soll dass en ouni vill Handwierksgeschier ënnerwee ass. Nach en anert Spréchwuert seet och eppes iwwer déi sozial a finanziell Situatioun vum Schneider vu fréier aus: „En ass aus dem Schneider", an dat ass esou vill wéi, en huet et gepackt fir finanziell den Aarmut oder eng schwiereg Zäit iwwerwonnen ze hunn. Dem Angela säi Papp hat vläicht, nodeems hien zréck zu Lëtzebuerg war, och nach Relatiounen zu der preisescher Garnisoun an huet vum Militär Commande kritt. Déi preisesch Garnisoun ass eréischt 1867 vu Lëtzebuerg fortgezunn, nodeem am Vertrag vu London entscheet gi war dass d'Festung misst geschläift ginn.





D'Kanner aus der Famill vum Angela sinn och vläicht an d'Schoul gaangen, mee d'Angela dat 8 Joer al war wéi d'Famill zréck op Lëtzebuerg komm ass, sécher net. Souwisou war Schoul an der 1. Halschecht vum 19. Joerhonnert net héich am Kurs zu Lëtzebuerg an och net soss an Europa, a scho guer net fir d'Meedercher. Am Angela sengem Duerf huet missen, wéi och anerwäerts fir jidder Kand Schoulgeld bezuelt ginn, an am Joer 1844 waren do 95 Kanner an der Schoul, vu 6–12 Joer, am Joer 1849 waren et der e bëssche méi, nämlech 108. Et ass net vun ongeféier dass et den Ausdrock ginn ass an d'Lidd vum „armen Dorfschulmeisterlein". Am Joer 1873 eréischt ass am Angela sengem Duerf eng nei, richteg Schoul gebaut ginn. D'Schoulpflicht iwwregens ass zu Lëtzebuerg am Joer 1881 ageféiert ginn, awer besonnesch an de ländleche Géigenden net gutt befollegt ginn. Vill Familljen an den Dierfer hunn d'Geld net kënnen opbrénge fir all hir Kanner an d'Schoul ze schécken.[2)] Sécher ass dass d'Angela net an d'Schoul gaangen ass, net schreiwen an net liese konnt, eng Tatsaach déi an allen offiziellen Dokumenter bestätegt gëtt. Mat senger eelster Schwëster huet hatt doheem am Stot gehollef, an och doheem am Schneideratelier. Seng Bridder waren do kloer am Virdeel, si hunn e Beruff geléiert, oder waren Doléiner bei de Baueren, sinn och spéider zu engem gudden Deel bei der Eisebunn beschäftegt gewiescht.

D'Angela ass lues a lues e jonkt Meedche ginn. An d'Jongen aus dem Duerf an och aus den Nopeschdierfer hunn ugefaangen sech fir hatt ze intresséieren. Vläicht war hatt och mol extra chic gekleet, well hatt selwer an och säi Papp gutt bitze konnten, an eventuell mat Wéinegem flott Gezei gemat hunn. Op d'Angela vu senger Gestalt hir e flott a schéint Meedche war, dat weess haut keen, well et gëtt keng Foto, a scho guer net e gemooltent Bild vun him. Fest steet op jidder Fall dass e jonke Mënsch aus dem Nopeschduerf, de Jacob, deen 8 Joer méi al war wéi hatt, sech ëm hatt beméit huet. Leider hat déi Frëndschaft en Hoken, an zwar fir déi Zäit en anstännegen deen net aus der Welt ze schaffe war: eng riseg wirtschaftlech a sozial Differenz tëscht deenen zwou Familljen: déi eng Säit eng aarm Schneidersfamill mat 10 Kanner, déi aner Säit eng guttgestallt an aflossräich

*2) Am 19. Joerhonnert waren am Angela senger Gemeng scho besser gestallte Leit déi sech ëm d'Schoulausbildung gesuergt hunn an duerfir eng Stëftung gemat hunn, esou am Joer 1833, wou mat den Zënse vun der Stëftung Schoulbicher oder Kleeder fir déi aarm Kanner sollte kaaft ginn, an am Joer 1844 eng aner Stëftung wou de Loyer vun engem Haus gestëft ginn ass fir all Käschten an Zesummenhank mat der Schoul sou wäit wéi méiglech ze droen.*

Bauren- a Mëllersfamill. Hinnen huet eng Mille gehéiert an och nach e Bauerebetrib mat ongeféier 20 ha Land. An de Papp an deer Famill huet derniewent am lokalpolitesche Liewen eng Roll gespillt, hie war nämlech vun 1820 un wärend en etlech Jore Gemengeconseiller. Gewëss déi Famill hat et net ëmmer liicht gehat. Dem Jacob seng Mamm war fir d'éischt mat engem Mëller bestuet an hat aus deem Mariage 6 Kanner, mee elo esou ëm d'Joer 1846 huet nëmme méi ee Jong aus deem Bestietnes gelieft, den Thomas. Dee war net bestuet an huet mat Mëllerskniechten d'Aarbecht op der Mille gemat. Vun deenen anere 5 Kanner waren der zwee ganz kleng gestuerwen, eent mat 7 Joer, een anert mat 6 Joer, an eent mat 3 Joer. Dat lescht, dat war am Oktober 1809 verschwonnen, hatt ass e Mount duerno erëm fonnt gi vu sengem eegene Papp, am Waasser vun engem klenge Floss an der Ëmgéigend, wéi säi Kierper un de Wuerzele vun engem Bam hänke bliwwe war. Elteren déi sou vill Leed erlieft hunn, kënnen dorun zu Grond goen, an de Papp ass och e puer Joer méi spéit gestuerwen. D'Mamm war deemools 33 Joer al, a si huet sech mussen nei opstelle mat 2 klenge Kanner vun 2 an 1 Joer. Si ass d'Joer duerno fir d'zweet bestuet ginn. Si war eng resolut Fra, awer och eng haart a streng Fra, souwuel an hirer Famill wéi an der Millen. Zesumme mat hirem 2. Mann hat si nach 3 aner Kanner, an deen eelsten dovu war de Jacob. Hie sollt warscheinlech de Familljebetrib weiderféieren, mee war mat 30 Joer nach net bestuet. D'Mamm huet sech jo sécher eng Schnauer gewënscht, eent aus guddem, bedeitendem Haus, dat eng schéin „Dot“ géif matbréngen an dat amstand wär e grousst Haus richteg ze féieren. Dat alles hat d'Angela net, an d'Mëllersfra huet him et och net zougetraut, hatt konnt jo net emol liesen a schreiwen. Wéi déi 2 aner Geschwëster vum Jacob dat ageschat hunn, dat kann een net wëssen, mee et schéngt esou gewiescht ze sinn dass si net ganz mat der Mamm averstane waren.




An du koum et wéi kee sech dat erwaart hat, vläicht och déi jonk Verléifter net. Oder wollten si sech mat Force duerchsetzen, géint dem Jacob seng Mamm? Dem Jacob säi Papp war nämlech schonns e puer Joer virdru gestuerwen. Am Hierscht 1848 war d'Angela an aneren Ëmstänn. Op der Millen ass et du haart op haart zougaangen, de Jacob huet d'Diere geklaakt a fir sech Konsequenze gezunn. Hien huet sech beméit fir vun doheem fortzekommen, hie wollt mat dem Angela an hirem Kand en neit Liewen ufänken, an ass warscheinlech am Ufank vum Joer 1849 iwwer „de grousse Pull“ an Amerika gefuer, an der Hoffnung dass d'Angela mat dem Kand sou bal wéi méiglech géif nokommen. Sou bal wéi méiglech, wat sollt dat heeschen? Zwee wichteg Elementer hunn do matgespillt: an den USA wollt de Jacob d'Méiglechkeet vun enger neier Liewensexistenz ënnersichen, zu Lëtzebuerg huet d'Angela d'Gebuert vum Kand ofgewaart. Leider sinn d'Passagéierlëschte fir d'USA vu virun 1850 bal net existent, an d'Lëtzebuerger sinn op deene Lëschte meeschtens als Däitscher agedroen. De Jacob gëtt och nëmmen an enger eenzeger Auswanderungslëscht ernimmt, ouni Detailer, vu wou a mat wat fir engem Schëff hien an Amerika ausgewandert ass. Mee sécher ass, hie war ufanks vum Joer 1849 an den USA, an deer Géigend déi deemools fir d'Besiidlung opgaangen ass, am Midwest, am Staat Iowa, deen 1838 geschaf gi war. Déi meescht Awanderer am Iowa hunn an der Landwirtschaft geschafft, mat Ausnam vun der Stad Dubuque um Mississippi an e puer anere klenge Stied. Déi éischt Awanderer am Iowa koumen aus der belscher „Province du Luxembourg“. Eng kleng Stiedche mam Numm Cascade war d'Ziel vum Jacob. Entweder wousst hien dass do scho vill Lëtzebuerger wären, oder hien huet ee kannt aus der Heemecht dee sech do ugesidelt hat, an hien huet och warscheinlech bei sou engem geschafft a geliefť. Zanter Enn vun de 40-er Joere vum 19. Joerhonnert war nämlech eng Famill aus derselwechter Lëtzebuerger Gemeng wéi de Jacob do, dat schreift den Nicolas Gonner am Buch „Die Luxemburger in der Neuen Welt“. Déi Géigend hat gudde Buedem, d'Recolte waren deementspriechend grouss an d'Farmer si séier zu engem gewësse Wuelstand komm. Den Numm Cascade ass ofgeleet vun engem klenge Waasserfall vum Floss Maquoketa, deen duerch d'Stiedche leeft.

**J.M.-K.**

# ACFL-Intern

## Fraen a Mammen Berdorf



De 11. Mäerz konnten d'Fraen a Mamme vu Berdorf op hirer Generalversammlung Schecken am Wäert vu 27.500 € iwwerreechen.

Dëst war den Erléis vum Haupeschfest 2019, wat och dës Kéier erëm ee ganz grousse Succès war. Méi wéi 8.000 Leit waren op Besuch komm fir sech déi flott Konschtartikelen unzekucken an ee gudde Maufel ze iessen. D'Suen vun dësem Fest goufe gespent un: Télévie (10.000 €), Kannerwonsch (1.000 €), Eng oppen Hand fir Malawi (1.500 €), Juddu, Equipe Flüchtlings- a sozial Hëllef Iewescht Syr, Fondation Apemh, Lëtzebuerger Kannerduerf an un d'Solidaritéitsaktioun vun der ACFL mat Rokku Mi Rokka jeweils 3.000 €. Déi Verantwortlech vun deene verschiddenen Organisatiounen hu Merci gesot an dovu profitéiert fir hir Projet'en virzestellen, an ze erkläre wéi d'Suen verwent ginn.

D'Sekretärin Christine Kaps huet den Aktivitéitsbericht virgedroen an d'Caissière Marie-France Siebenaler de Keesebericht.

D'Presidentin huet der Gemeng, de Sponsoren, de Memberen an de Frënn en häerzleche Merci gesot fir déi wäertvoll Ënnerstëtzung, an huet sech gewënscht datt dat an Zukunft esou bleift.

D'Josiane Mirkes vum Parverband an de Buergermeeschter hunn d'Wuert ergraff an de Fraen a Mamme fir déi gutt Aarbecht felicitéiert.

De Comité setzt sech aus 12 Memberen zesummen: Presidentin Linda Hartmann, Sekretärin Christine Kaps, Caissière Marie-France Siebenaler, Mireille Birkel, Cecile Collignon, Germaine Greischer, Lucie Jaeger, Petz Neumann, Mariette Rassel, Yvonne Pistola, Sandra Schneider.

***Christiane Anen***

## Fraen a Mammen Nouspelt – Dondel – Ruedt

Mir hunn eis Generalversammlung vun der ACFL-Sektioun ugefaangen andeems mir un eis verstuerwe Membere geduecht hunn. Ee ganz besonnesche Merci goung un d`Mme Erika Weyer, déi eis vill ze fréi verlooss huet. Si huet wärend Joren eisem Comité virgestaanen a vill fir de Veräin geleescht.

No dem offiziellen Deel vun der Versammlung goufen 2 Schecke vun am ganze 6.000 € iwwerreecht: Den éischten un d´Vereenegung „Action pour un Monde Uni", e Projet géint d'Ënnerernierung vu Kanner an Afrika. D'Madame Jil Streber an den Här Claude Steichen hunn eis hire Projet virgestallt.

Den 2ten Scheck goung un d'Fondatiuon Sclérose en Plaques, wou d'Madame Anne Leurs an d'Madame Line Olinger eis intressant Informatiounen iwwert déi Krankheet matgedeelt hunn.



Mir soe vun hei aus e grousse Merci un all déi Leit, déi gehollef hunn um Chrëschtmaart an um Kaffisnomëtteg, an deene Leit, déi op deenen Deeg duerch hir Presenz a Generositéit dozou bäigedroen hunn, dat mir souvill spende konnten.

# Mäi Liewe mam Coronavirus

Mëtt Mäerz war de Covid 19 definitiv hei zu Lëtzebuerg ukomm. Lockdown gouf d'Situatioun beschriwwen an där ech vun do un hu musse liewen. Ech hunn net méi dierfen erausgoen, nach just fir akafen ze goen oder e bëssche spadséieren ze goen. De Supermarché an d'Apdikt waren di eenzeg Geschäfter an déi ech am Ufank nach gaange sinn. Akafe goe war guer net méi esou einfach. Well nëmmen eng gewëssen Zuel vu Leit hunn dierften am Geschäft sinn, gouf baussen eng Schlaang gemaach an ech hu musse mäin Tour ofwaarde fir an d'Geschäft eranzegoen. Et war Virschrëft eng Mask ze droen. Dorunner hunn ech mech fir d'éischt musse gewinnen, an de Bräll huet déi ganz Saach net méi einfach gemaach. Di ganz Prozedur huet mech fuerchtbar ugestrengt. An ech war frou wéi et geheescht huet, dass Leit mat 65+ léiwer aus de Boutiquer erausbleiwe sollten, well de Risiko sech unzestiechen a schwéier krank ze ginn, ze grouss gi war. Vun do un huet meng eelst Duechter d'Kommissioune fir eis gemaach.



*Grousselteren dierfen hir Enkelkanner erëm ëmäermelen* *© Giger Graphics*

D'Pressekonferenze mat eise Politiker hunn ech mat grousser Opmierksamkeet nogelauschtert, fir gewuer ze ginn wat fir Moossname geholl goufe fir dësen onsiichtbaren an dach esou geféierleche Feind Meeschter ze ginn. Wann trotzdeem d'Zuel vun den Infizéierten a vun den Doudegen an d'Luucht goung, hunn ech mech gefrot, wat gëtt dat. Ech hu mer gesot, dass ech Gedold muss hunn, dass et Zäit brauch fir alles an de Grëff ze kréien. Méi do wou d'Angscht mat am Spill ass, do ass et net esou einfach Gedold ze hunn.

Ech war schonn erstaunt, wéi gutt ech mat där neier Situatioun eens gi sinn. Ech hunn d'Rou genoss, déi sech ronderëm mech breet gemaach huet. An ech hat d'Gefill, dass ech dës Rou gebraucht hunn an, dass et Zäit gi war, fir mäi Liewen eng Kéier radikal erofzeschrauwen.

Mäi Plang an dëser Zäit de Späicher an de Keller gréndlech ze raumen huet net geklappt, well ech gefall war, a mäi rietsen Aarm an de Gips leie koum. Dat war fir mech eng Geleeënheet festzestelle wéi gutt eis Klinicken an de Corona Zäite fonktionéiere géifen.

Ech hu mech dunn op d'spadséiere goe konzentréiert, an eis Muppen hunn sech doriwwer gefreet, well si waren ëmmer mat derbäi. An d'Wieder huet voll matgespillt, bloen Himmel, Sonn pur. Et war Fréijoer ginn, iwwerall haten d'Blummen ugefaangen ze bléien, d'Beem haten hiert neit Laf kritt an d'Wise ware säfteg gréng ginn. Et war eng Freed dat alles ze kucken. Ech hat d'Gefill alles wär méi schéi wéi déi Jore virdrun. Vläicht war et awer einfach nëmmen esou, dass ech an dëser schwéierer Zäit alles ronderëm mech mat aneren Ae gekuckt hunn? Trotz allem Béisen dat mer Angscht gemaach huet, war dës Zäit fir mech eng ganz besonnesch Zäit. Eis Welt hat sech verännert.

# Ma vie avec Covid 19

Mi-mars le Covit 19 était arrivé définitivement au Luxembourg. Le Lockdown avait commencé. J'étais juste autorisée de quitter mon domicile pour acheter des produits alimentaires ou pour me promener un peu dans la nature. Aller dans un supermarché dans cette situation-là n'était pas évident. On faisait la queue devant le magasin et on attendait son tour pour entrer, comme le nombre des clients à l'intérieur était limité. Je devais porter un masque, ce qui me posait pas mal de problème pour respirer. Les personnes de +65 ans étaient considérées comme vulnérables et on leur

demandait de rester à la maison et de demander aux plus jeunes pour faire les commissions pour elles.

Je suivais les communiqués de presse avec grand intérêt, qui nous informaient des mesures prises par le gouvernement pour vaincre cet ennemi invisible et dangereux. Malgré cela le nombre des infectés et des morts augmentait quand même tous les jours et je me demandais ce que ça donnerait.

J'étais très étonnée de la façon dont j'arrivais à accepter ma nouvelle situation. J'appréciais le calme qui m'entourait et je sentais que j'avais vraiment besoin de ces moments paisibles. J'avais décidé de vider notre grenier et notre cave.

Mais mon plan ne fonctionnait pas, parce que, à la suite d'une chute je devais porter un plâtre.

Je me promenais presque chaque jour dans la nature avec nos chiens. Le beau temps était au rendez-vous, avec un ciel bleu formidable et du soleil presque tous les jours. Le printemps était venu et partout poussaient les belles fleurs de la saison. J'avais l'impression que ce printemps était encore beaucoup plus beau que tous les autres. Malgré tout le mal qui m'entourait, j'estimais que j'étais en train de vivre des moments très spéciaux. Le monde avait changé.

***Carine Manderscheid-Hirtz***

# Fraen a Mamme Vianden


**Hoffnung – Espoir – Esperança vermittelt durch einen Blumenteppich in der Bildchenskapelle.**

Die Corona-Krise hält die Welt in Atem. Verunsicherung und Angst machen sich seit über 2 Monaten breit. Viele erleben die gewohnte Welt in einem Ausnahmezustand.

